

Mee 2017

OP DE PUNKT.

KONTAKT - AN INFORMATIIONSBLAT VUN DER CSV DIDDELENG



EDITO

ET GEET ELO DUER MAT DER LSAP - ALLENHERRSCHAFT ZU DIDDELENG !

DE GEMENGEROT MUSS NEES DÉI ROLL KRÉIEN, DÉI EM ZOUSTEET

Zu Diddeleng war et an de leschte Joerzénge esou, dass eng eenzeg Partei - d'LSAP - d'Soen hat.

D'CSV-Diddeleng huet all di Jore mat Engagement eng kritesch a konstruktiv Oppositionspolitik gemaach.

All Decisiounen a Projeten, déi gutt fir Diddeleng a gutt fir d'Leit vun Diddeleng sinn, hu mir matgedroen: Privat Wunnengsbau-Projeten wéi z. Bsp. de „Projet am Duerf“ oder de „Projet Lenkeschléi“ oder d'Iwwerhuele vum Diddelenger Jugendhaus als kommunale Service.

D'CSV-Diddeleng huet och selwer vill Iddien a Projeten am Gemengerot proposéiert: zum Beispill hu mir 2015 gefrot fir de „Late Night Bus“ all Freideg a Samschdeg owes aus der Stad fueren ze loossen. 2016 huet den LSAP-Schäfferot decidéiert, all 2. Freideg géif duergoen... Dëst Joer gouf d'Offer op all Freideg ausgebaut... awer nach ëm-

mer net op samschdes! Vlächet d'nächst Joer...?

2008 hu mir als Éischt e „Shared space“ fir d'Niddeschgaass gefuerdert. D'Majoritéitspartei huet eis deemools belächelt, amplaz op eis ze lauschten. Eréischt 2015 huet de Schäfferot de „Shared space“ am Gemengerot stëmme gelooss an deem attraktiven Duerfzentrum gouf eréischt 2017 Realitéit.

Inakzeptabel fir eis ass déi Intransparenz vun der Verdeelung vun de Subsidien un d'Veräiner. D'Subsidie ginn no dem Guldünke vum Schäfferot verdeelt. An de leschten 2 Joer huet duerfir keng vun den Oppositionsparteien déi Subsideverdeeler matgestëmmt.

Schäfferots-Decisiounen ginn oft hannert zouenen Diere geholl. Oft ginn se als „fait accompli“ scho vun der Press virgestallt, éier de Gemengerot de Projet iwwerhaupt ze gesi kritt (z. Bsp. Konventionen fir de Projet „Senior Plus“ oder mat der Croix-Rouge).

En CSV-Conseiller, deem op enger Generalversammlung vun engem Sportveräin gefrot ginn ass, fir e puer Wuert ze soen, kritt uschléissend vun der LSAP éffentlech e Maulkuerf ugedoen.

Mir vermësse beim LSAP-Schäfferot e konstruktiven Echange de vue an ee seriösen Dialog mat alle Parteien am Gemengerot. D'Iddie vun der Opposition gi systematesch ofgeblockt. Déi Allenherrschaft vun enger Partei ass ongesond fir eis Stad.

ET ASS ZÄIT FIR E WIESEL !

Den 8. Oktober si Gemengewahlen. De Gemengerot, mat sengen 19 Leit, déi vun lech, den Diddelenger Bierger, gewielt ginn, muss nees méi transparent, kollegial a méi demokratesch ginn.

D'CSV-EQUIPE ASS PRETT !

Mir hunn eng kloer Visioun fir Diddeleng! Mir sinn 19 Kandidaten aus Ärer Mëtt a mir lauschten op lech.

Ënnerstëtzt d'Diddelenger CSV-Team !

GEMENGEWAHLEN 2017 CSV KANDIDATELËSCHT



**ANDRICH-DUVAL
SYLVIE**

58, Dipl. Psychologin
Deputéiert

„CSV meng Partei. Eng Partei no beim Bierger!“



**BIREN-KETTEL
MONIQUE**

53, Infirmière

„Ech wëll mech asetze fir all Diddelenger aus alle soziale Schichten. Dat kann ech nëmmen a sou enger gudder an engagéierter Equipe wéi der CSV“



DA SILVA JOSÉ

55, Geschäftsmann

„D'CSV ass meng Partei, well si sech staark mécht fir d'Geschäftswelt a fir d'Integratioun vun den Net-Lëtzebuerger“.



FRIEDRICH JEAN-PAUL

52, Personaldelegéierten am Bankesecteur, Gemengeconseiller

„Zesumme mat enger dynamescher a motivéierter Equipe fir eng Stad Diddeleng, an där et sech lount, mat all eise Matbierger zesummen ze liewen!“



**KAYSER-WENGLER
MICHÈLE**

56, Kannerdokter
Spëtzekandidatin
Gemengeconseillee

„Mir sinn eng Equipe, déi motivéiert a kapabel ass Diddeleng ze veränneren an no vir ze bréngen.“



BACK-KELSEN NANCY

60, Museksproff

„Ech si bei der CSV, well ech fannen dass eise Programm d'Entwécklung vu menger Stad am beschten duerstellt a préparéiert.“



BRAQUET HUBERT

64, Pensionéierte
Staatsbeamten

„CSV eng Equipe, déi no vir kuckt. Ech setzen mech a fir de Verkéiersproblem an eiser Gemeng ze verbesseren a fir e soziale Wunnensbau deen déi jonk Famillen sech och leeschte kënnen.“



DIVO MARVIN

45, Bréifdréiesch-
Formateur

„Ech engagéiere mech an der CSV, well et net duergeet, vu Verännerungen ze schwätzen. Et muss een sech hiewe a selwer dofir astoen.“



GANGLER JEAN-PAUL

56, Zänn Dokter,
Gemengeconseillee

„Ech engagéiere mech an der CSV, well si eng Vollekspartei ass. Bei eis zielt jidder Eenzelnen“.

**HEINTZ MICHEL**

59, Pensionéierte
Geschäftsmann

„Ech setze mech an der CSV
politesch fir den drëtten Alter
an“.

**HIM MARCO**

60, Pensionéierten an
Aarbechterdelegéierten

„Ech setze mech a fir d'Ver-
kéiersverbesserung an a ron-
derëm Diddeleng, fir d'Natur a fir
eng Verbesserung vun der Lie-
wensqualitéit vun den Awunner.“

**KEMP FRANÇOISE**

26, Mathematikstudentin

„Ech engagéiere mech bei der
CSV, well déi chrëschtlech-sozial
Wärter fir mech an der moder-
ner Gesellschaft hire Stelleväert
behale sollen.“

**KOSTER-PASQUINI
CAROLE**

49, Enseignante

„Ech stinn hannert der CSV hi-
rer Grondiddi: Eng Politik fir jid-
dereen.“

**MARTINI CLAUDE**

37, Infirmier

„Ech engagéiere mech an der
CSV, well ech mech mat de
Grondsazwäerter vun der Partei
identifizéiere kann.“

**OLIVIERI SABRINA**

36, Enseignante

„De Mënsch am Mëttelpunkt a
fir jiddereen do sinn, dofir setzen
ech mech bei der CSV an.“

**SEIL GERMAIN**

49, Bankbeamten

„Fir eng fair Gesellschaft, fir Tole-
ranz a Respekt“

**STROCK-KARRENBauer
NICOLE**

51, Rezeptionistin

„Ech wëll mech an der CSV en-
gagéiere fir sozial Gerechtegkeet,
Sécherheet a Verantwortsbe-
wosstsinn.“

**WEBER-WEILAND
NANCY**

38, Sozialpädagogin

„Als Diddelenger Meedche set-
zen ech mech fir eng méi ad-
aptéiert schoulesch Ennerstët-
zung fir eis Kanner an.“

**WEYDERT MARC**

58, Pensionéierten Eisebunner

„Ech hu mech fir d'CSV entscheed,
well d'CSV mir bis haut di gréisste
Sécherheet gebueden huet. Ech
well mech ënner anerem asetze
fir e gutt Mobilitéitskonzept, fir
méi Schoulen a Crèche, a fir den
3. Alter“

KONSTRUKTIV OPPOSITIONSPOLITIK MAT BËSS



V.l.n.r.: Jean-Paul
FRIEDRICH, Jean-Paul
GANGLER, Michèle
KAYSER-WENGLER

Oppositionsaarbecht ass eng Sisyphus-Aarbecht. Mir widerhuelen ëmmer erëm eis Uleies a stellen ëmmer erëm déi selwecht Froen, bis dass mer vum Schäfferot eng kloer Äntwert kréien.

- mir fuederen - nach ëmmer - besser Öffnungszäiten fir de Grand public an eiser Schwemm am Centre Hartmann.
- mir fuederen - nach ëmmer - eng Verbesserung vun der Accessibilitéit vun der Schwemm fir Leit mat engem Handicap.
- mir fuederen - nach ëmmer - d'Astelle vu Spezialisten, déi an de Schoulen de schwache Kanner hëllef.
- mir fuederen - nach ëmmer - eng Bëschcrèche.
- mir fuederen - nach ëmmer - eng Plaz an der Kantin fir all Kand aus dem „Précoce“.

- mir fuederen - nach ëmmer - e Call-Bus (Ruff-Bus / Flexi-Bus) fir virun allem eisen eelere Leit entgéint ze kommen.
- mir fuederen - nach ëmmer - de Kaf oder de Bau vu „Start-Up-Wunnengen“, d.h. bezuelbare Wunnraum fir jonk Diddelenger.
- mir fuederen - nach ëmmer - den Ausbau vun der Industriezon „Helper“ fir Kleng- a Mëttelbetriber.
- mir fuederen - nach ëmmer - den Ausbau vun der Industriezon „Koibestrachen“.
- mir fuederen - nach ëmmer - eng Verbindungsstrooss vun der Lëtzebuergerstrooss op d'Näerzengerstrooss laanscht de Staatslabo. Dat géif de Verkéier am Nordgang vun Diddeleng däitlech entlaaschten.

- wéi héich sinn die alljährlech Betriebskäschen vum Centre Hartmann ?
- wéi héich sinn die jährléch Folgekäschen vum Vël'OK-System?
- wéi héich sinn d'Käschen, déi duerch de Vandalismus um Vël'OK-System entstanne sinn?
- wéi eng Garantien hu mer vum CHEM, dass d'Diddelenger Spidol erhalte bleift ?
- firwat musse mir dem CHEM säin Defizit vun de Betriebskäschen no der Fusioun bezuelen?
- firwat hu mer bis haut nach keng Pläng vun der Schoul am neie Quartier Lenkeschléi ze gesi kritt?
- firwat ginn d'Subsiden un d'Diddelenger Veräiner sou ontransparent verdeelt?
- firwat fiert de Late-Night-Bus aus der Stad op Diddeleng just freides owes, an nëtt och samschdes?
- firwat setzt de Schäfferot sech bei der CFL nëtt duerch fir dass méi Direktzich tëscht Diddeleng an der Stad fueren?

Mir si wéi en Terrier ... mir bäissen eis an de Wuede vum Schäfferot fest, bäissen no, a loosse net labber bis mer eng Äntwert kréien.

**Konstruktiv
matt Bëss...** **Oppositionspolitik...**

Mir stelle weiderhi folgend Froen :

KLOER, NO & GERECHT

Plange fir d'Zukunft vun Diddeleng, dat ass d'Erausfuerderung fir eis CSV-Equipe.

Mir si gutt strukturéiert, deelweis nei opgestallt a mir gi weiderhi mat Dynamik un d'Wierk.

Mir paken déi Diddelenger Problemer un: Mobilitéit, Logement, Schoul,...

An eisem Wahlprogramm wäert Dir demnächst der CSV hir Léisungsvierschléi noliese kënnen.

Op eisem Site hu mir eng „Matmaach-Box“, wou Dir eis Är Uregunge matdeele kënn.



VERSION FRANÇAISE

Une version condensée en français de cette publication peut être consultée sur notre site.